**Nationalt Keelechampionnat:**

# Bieles 2000 an KC Steebrecken 84 sinn Champion



De Keeleclub „Bieles 2000" ass Champion am Nationalen bei den Hären an den KC Steebrecken 84 bei den Dammen. Also am Keelechampionnat wat am Café gespillt gëtt.

Bieles 2000 huet domat och gläichzäiteg de Championstitel verteidegt. De Kapitän Steve Schiltz ass méi wéi zefridde mam Verlaf vun der Saison, well de Championstitel en Objektiv vum Veräi war.

Vun deenen 8 Ekippen, déi um Championnat an der héchster Divisioun vum Land matgespillt hunn, war Bieles 2000 souwuel doheem wéi och auswäerts déi beschten Ekipp. „Dat hu mir virun allem eisem Kader ze verdanken dee Breed a Qualitativ gutt opgestallt ass." seet den Steve Schiltz. „Sou kann een Ausfall opgefaange ginn, ouni dofir e Leeschtungsverloscht an der Ekipp direkt mussen a kaf ze huelen. Um 11. Spilldag ass et eis gelonge, beim bis dohi schäerfste Konkurrent, dem KC Havana, auswäerts 3 Punkten ze huelen, wat eis am enke Kampf em den Titel déi neidesch Loft verschaaft huet."

Bieles 2000 huet nach Méiglechkeet den Doublé ze feieren, wat dem Veräin bis dato just eemol an der Veräinsgeschicht gelongen ass. De 15ten Mee spillt den alen an néie Champion an der Halleffinall vun der Coupe de Luxembourg géint „Oenner ons Eischen" zu Hoen.

Bei den Dammen konnt sech de KC Steebrecken 84 sech fréizäiteg fir eng weider kéier de Championstitel an der héchster Divisioun sécheren. Sekretärin vum Club Birgit Grethen: "Mir si souzesoen de Seriemeeschter. Zanter 2018 hu mir den Titel all Joer gewonnen." Bei den Damme vu Steebrecken war et ënnert dem Stréch awer keng einfach Saison, dofir ass d'Ekipp houfreg den Titel gewonnen ze hunn . "Mir waren iwwert déi ganz Saison gekuckt ni wierklech komplett. Déi aner 7 Ekippe konnten awer net dovunner profitéieren. Verschiddener hunn sech bei eis an der Ekipp blesséiert oder ware gesondheetlech ugeschloen. Dofir si mir frou dëse Succès mat enger méi deziméierter Ekipp feieren ze kënnen."